Januar 2022

01/01 Stengefort. Mir wënschen alle Lokalchronik-Lieser um Weltfriddensdag dat Allerbescht fir 2022, virun allem awer eng gutt Gesondheet an dëser schwéierer Zäit.
Zum Joresufank ass ëm 10:00 Auer eng Mass fir de Fridden op der Welt an der Stengeforter Kierch.

01/01 *. Trotz dem Verbuet sinn ëm Mëtternuecht an der Gemeng Freedefeier ofgeschoss a Knallerte lassgelooss ginn. Um Stengeforter Kierfecht konnt een dono d'Iwwerreschter bestaunen.

01/01 *. Vun haut u:
- gi bei verschiddene Banke sämtlech Taxen an d'Luucht oder et gi neier geschaf.
- leeft een Transitiounsprogramm fir entloosse Prisonéier un an dat mat engem Pilotprojet fir Begleedung a Wunnengsichen.
- besteet hei am Land déi "Universell Gesondheetsversuergung".
- gëllen nei Präisser bei der Steinergy.

01/01 *. Haut virun 20 Joer ass am Euroraum an zwielef Staaten déi bestoend Wärung (Geldschäiner a Mënzen) ofgeschaaft ginn an duerch den Euro ersat ginn.

02/01 *. Dës Nuecht (02/03) huet et nawell ferm geblosen a gereent. Géint hallwer zwielef huet et och nach geblëtzt.

03/01 *. An de Schoule gëllt vun haut un eng generell Maskeflicht.
Och gëtt et eng punktuell Ännerung vum Schoulbus zu Hoen. Esou fueren elo d'Schoulbussen:
Bus 1
Aller: Klengbetten "Arrêt RGTR – Kiirfecht", Hoen "Arrêt RGTR – 2 Rue de Steinfort", Hoen "Arrêt RGTR – Laach", Hoen "Rue de l'École", Hoen – Um Dréisch (Quai 1), Stengefort – "Gare routière Campus scolaire", Klengbetten "Arrêt RGTR – Gare (école primaire)".
Retour: Klengbetten "Arrêt RGTR – Gare (école primaire)", Stengefort "Gare routière Campus scolaire", Hoen – um Dréisch (Quai 2), Hoen "Arrêt RGTR – Laach", Hoen "Rue de l'École", Hoen "Arrêt RGTR – Kierch", Klengbetten "Arrêt RGTR – Kiirfecht (côté cimetière)".

Bus 2
Aller: Stengefort "Arrêt RGTR – Al Schmelz", Stengefort "Rue de Schwarzenhof", Stengefort "Cité de l'Usine", Stengefort "Rue des Carrières / Rue du Cimetière", Stengefort "18 Rue Maria Teresa", Stengefort "Arrêt RGTR – Äischzenter", Stengefort "2 Rue Randlingen", Hoen "Rue Randlingen / Pont", Hoen – Um Dréisch (Quai 1), Stengefort "Gare routière Campus scolaire", Klengbetten "Arrêt RGTR – Gare (école primaire)".
Retour: De Bus 2 waart d'Arrivée vum Bus 1 zu Stengefort of. Klengbetten "Arrêt RGTR – Gare (école primaire)", Stengefort "Gare routière Campus scolaire", Stengefort "Arrêt RGTR – Al Schmelz", Stengefort "Rue de Schwarzenhof", Stengefort "Cité de l'Usine", Stengefort "Rue des Carrières / rue du Cimetière", Stengefort "13 Rue Maria Teresa", Stengefort "Arrêt RGTR – Äischzenter", Stengefort "2 Rue Randlingen", Hoen "Rue Randlingen / Pont".

Bus 3
Aller: Grass "Arrêt ZARO", Grass "Arrêt Rue de Kleinbettingen", Klengbetten – Kolerbierg, Klengbetten "Arrêt RGTR – Gare (gare routière)", Klengbetten "Arrêt RGTR – Am Duerf", Klengbetten / Stengefort – Barriär, Stengefort "Gare routière Campus scolaire", Klengbetten "Arrêt RGTR – Gare (école primaire)".
Retour: De Bus 3 waart d'Arrivée vum Bus 1 zu Stengefort of. Klengbetten "Arrêt RGTR – Gare (école primaire)", Stengefort "Gare routière Campus scolaire", Klengbetten / Stengefort – Barriär, Hoen - um Dréisch (Quai 1), Klengbetten "Arrêt RGTR – Am Duerf", Klengbetten "Arrêt RGTR –

Gare (école primaire)", Klengbetten – Kolerbierg, Grass "Arrêt ZARO", Grass "Arrêt Rue de Kleinbettingen".

03/01 *. Bis den 29. Januar 2022 kommen déi Akafsfreedeg beim Wanterschlussverkaf op hir Käschten.

03/01 Steinfort.
L'Hôpital Intercommunal de Steinfort nous informe que le Docteur Marcel Schmit a décidé de faire valoir ses droits à la retraite et que de ce fait son cabinet médical de médecine générale est, à compter de ce jour, fermé.
La continuation des soins médicaux est assurée par le docteur Jean-François Roger.

04/01 *. Meteolux huet gëschter d'Wiedersituatioun bis haut 15:00 Auer als giel agestuuft an effektiv ass datt och agetraff. Et huet nëmme gereent mol méi mol manner. Etlech Flëss sinn och aus hirem Bett geklommen.

04/01 *. Haut ass den internationalen Dag vum "Braille" (Blanneschréft).

04/01 *. De Bildungs- an de Mobilitéitsminister stellen hire Projet "Erzéiung zur Multimobilitéit" vir, dee sech un d'Schüler vum Zyklus 4 riicht. De Sënn ass, datt verschidden Transportmëttel fir an d'Schoul solle kombinéiert ginn an datt net soll den Elterentaxi geholl ginn.
An eiser Jugend hate mir dee Problem net.

04/01 *. Statec: Am drëtte Quartal 2021 sinn d'Präisser fir d'Wunnenge weider geklommen, allerdéngs net fir nei Wunnengen.

05/01 Stengefort / Klengbetten. De Bicherbus kënnt haut vu 14:20 bis 15:00 Auer op Stengefort a vu 15:10 bis 15:45 Auer op Klengbetten.

05/01 Stengefort. Ëm 17:30 Auer gëtt ee Kannergottesdéngscht gehalen.

05/01 *. Haut sinn dräi nei Ministeren vum Groussherzog Henri, dee positiv op Covid getest gi war, per Videokonferenz vereedegt ginn: Yuriko Backes (DP) (Finanzen), Georges Engel (LSAP) (Beschäftegung, Sozialwirtschaft a Sport) a Claude Haagen (LSAP) (Landwirtschaft a Soziales).

Yuriko Backes

Georges Engel

Claude Haagen

Si kommen an d'Plaz vum Pierre Gramegna, Dan Kersch a Romain Schneider. Schneider a Gramegna ginn an d'Pensioun, wärend de Kersch an d'Parlament wiesselt. D'Paulette Lenert (LSAP) hirersäits ass offiziell zur Vize-Premierministerin ernannt ginn.

05/01 *. Statec: D'Inflatiounrat ass am Dezember liicht erofgaangen, vu 4,5 % op 4,1 %.

05/01 *. Si Dir och derbäi? Mercedes-Benz muss weltwäit eng 850.000 Gefierer wéinst engem techneschen Defekt zréck an d'Garage ruffen.

05/01 *. Op enger Pressekonferenz schwätzen de Premier, d'Ëmweltministesch an de Landesplanungsminister iwwert d'Roll an d'Aufgabe vum Klimabiergerrot.

05/01 *. 7.397 gülteg Ënnerschréften si gezielt gi bei 16 ongülteger. 25.000 waren der néideg fir datt ee Referendum fir Verfassungsreform ofgehale kënnt ginn.

05/01 Stengefort. Op dem Internetsite vun der Gemeng kann ee d'Stengefort News – Emissioun Januar 2022 mat folgendem Programm kucken: Stengeforter Chrëschtmaart.

06/01 *. Dräikinneksdag. D'Bauerereegel seet haut: „Ist Dreikönig kein Winter, folgt keiner mehr dahinter". Soll dat alt stëmmen?

06/01 Stengefort.

Foto: Carlo Nilles

Och d'Mataarbechter vum "Hôpital Intercommunal de Steinfort" hunn haut bei der Aktioun "#yeswecare" oder "#impfewierkt" matgemaach, a stoungen eng Minutt roueg virum Spidol.

06/01 Stengefort. Via d'Internetsäit www.steinfort.lu ginn ëm 19:00 Auer d'Resultater vun der Bierger(innen)ëmfro presentéiert. Froe kënnen och gestallt ginn.

07/01 Hoen. D'"Entente des société de la commune de Steinfort" invitéiert jee dräi Leit aus de Veräiner vun 19:00 Auer un op den éischte Patt bei engem klenge Maufel an de Pompjeessall. Dësen Event leeft ënnert dem Regime vum Covid-Check 2G.

08/01 Steinfort. L'Hôpital Intercommunal de Steinfort engage pour entrée immédiate un « Médecin spécialiste en médecine physique et de réadaption assurant la fonction de directeur médical » (m/f) à temps complet et sous contrat à durée indéterminée.
Les candidatures sont à adresser avec les pièces demandées jusqu'au 21 janvier 2022 au Président de l'Hôpital Intercommunal de Steinfort.

08/01 Hagen. Le Centre d'Initiative et de Gestion Local – CIGL Steinfort recrute à temps plein et à durée indéterminée un chef d'équipe (m/f) pour son Service de Proximité, CDI 40 heures/semaine – rémunération CCT SAS – C3.
Les candidatures sont à adresser avec les pièces demandées jusqu'au 07 février 2022 au CIGL Steinfort à L-8367 Hagen.

09/01 Klengbetten. Vun 08:00 bis 12:00 Auer hält de "Master Computer Club Luxembourg" säi Computerfloumaart am Hisbék of.

10/01 *.

Vun haut u muss bei der Post Lëtzebuerg fir d'Verwalte vu de Bankkonten eng Taxe bezuelt ginn.

11/01 *. Am Parlament gëtt dat 26. Covid-Gesetz mat de Stëmme vun de Majoritéitsparteien ugeholl. D'Oppositioun huet dergéint gestëmmt.
Obschonns datt d'Infektiounen all Dag an d'Luucht gi kënnt mam neie Gesetz keng Verschäerfung vun de Mesure mais Oplockerungen.
Op all déi nei Ännerunge gi mer net méi an, well do bléckt de Moment kee normale Mënsch méi duerch.
Virdru waren dräi nei Deputéierte vereedegt ginn: Dan Kersch (LSAP) als Nofollger vum Georges Engel, den Max Hengel (CSV) als Nofollger vum Françoise Hetto-Gaasch an de Carlo Weber (LSAP) als Nofollger vum Claude Haagen.

11/01 *. A Propos SuperDrecksKëscht-Vertrag. Zwee juristesch Gutachte kommen zum Schluss, datt de Vertrag esou ni hätt däerfen ofgeschloss ginn. Mol kucke wat elo geschitt.

12/01 Steinfort. La commune nous informe qu'en raison de travaux de raccordements réseaux dans la rue de Koerich, il est nécessaire de barrer à partir d'aujourd'hui 07.00 heures et jusqu'au vendredi, 14 janvier 2022 inclus un tronçon de cette rue à la hauteur de la maison N° 6B à toute circulation (y compris les riverains et les fournisseurs).

13/01 Stengefort. D'Integratiounskommissioun vun der Gemeng Stengefort invitéiert fir 19:00 Auer an de Kulturzenter Al Schmelz op de Sproochecafé op Lëtzebuergesch.

13/01 *. Statec: D'Renovéieren an d'Baue gëtt ëmmer méi deier. Esou ass de Baupräisindex vum Abrëll 2021 bis Oktober 2021 ëm 4,9% geklommen.

13/01 *. Jobs.lu: Déi Lëtzebuerger Salariéë si mat hire Cheffen net besonnesch zefridden. Nëmmen ee vun dräi huet Vertrauen a säi Chef.

14/01 Stengefort. Vun haut un a bis den 30. Januar 2022 organiséiert den Tennis Club Stengefort den Tournoi Senior Wanter.

14/01 *. D'Regierung an d'CGFP hu sech fir eng Harmoniséierung vun den ënneschte Lafbunnen am ëffentlechen Déngscht gëeenegt. An Zukunft bestinn nach just zwou Gehältergruppen an zwar C1 a C2.

15/01 Steinfort. La commune de Steinfort se propose d'engager :
- un agent administratif (m/f) pour les besoins du service de l'égalité des chances du groupe d'indemnité A1 ou A2 ou B1, sous-groupe éducatif et psycho-social sous le statut du salarié au sens du code travail à raison de 40 heures/semaine et à durée déterminée pour le remplacement d'un congé de maternité suivi d'un congé parental avec entrée immédiate ou à convenir.
- un agent administratif (m/f) pour les besoins du service écologique du groupe d'indemnité A1 ou A2 ou B1, sous-groupe scientifique et technique sous le statut du salarié au sens du code travail à raison de 40 heures/semaine et à durée déterminée pour le remplacement d'un congé de maternité suivi d'un congé parental avec entrée immédiate ou à convenir.

• un agent de nettoyage (m/f) pour les besoins de la piscine communale à raison de 16 heures/semaine et à durée indéterminée avec entrée immédiate ou à convenir.

Le dossier de candidature est à remettre pour le 04 février 2022 au plus tard, accompagné des pièces demandées.

15/01 *. Um RTL-Radio krute mer gesot, datt haut de ganzen Dag schéint sonneg Wieder wier, wann den Niwwel sech géif verzéien. Deen huet dat awer net gemaach.

15/01 *.

Foto: Spektrum

Den zweeten Ausbroch vum Ënnerséi Vulkan Hunga-Tonga-Hunga-Ha'apai, net wäit ewech vum Inselräich Tonga (30 Kilometer vun der Insel Fonuafo'ou oder Falcon Island), huet zu Tsunami-Warnunge gefouert, huet Äsche bis 20 Kilometer an d'Loft geschleidert a war bis bei eis ze spieren. Den Éischten hat gëschter nëmme kleng Wellen ausgeléist.



17/01 *.

An eise Boîtten hu mer haut eng Broschür vun der "Chambre des Députés" mam Titel "Revisioune vun der Constitutioun" fonnt.

18/01 *. An der Chamber gëtt d'Reform vum Naturschutzgesetz mat 35 Jo Stëmmen (DP + LSAP + déi gréng + Piraten + déi Lénk) a 25 Nee Stëmmen (CSV + ADR) ugeholl.

18/01 *. Justizministère: 6.801 Mënschen hunn 2021 d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt.

19/01 *. An der Chamber gëtt iwwert eng obligatoresch Impfung debattéiert. Een Deel vun der Regierung (DP, déi gréng) verstoppt sech hannert dem Experterot an ass derfir. D'LSAP ass derfir, awer eréischt, wann d'Situatioun et erfuerdert. D'CSV ass derfir wärend déi Lénk, d'Piraten an den ADR dergéint sinn.

Virdru war eng nei Deputéiert vereedegt ginn: Jessie Thill (déi gréng) als Nofollger vum Carlo Back.

20/01 *. ADEM: Enn Dezember 2021 ware 16.403 Leit, déi ouni Aarbecht waren, bei der Aarbechtsagence ageschriwwen, 1.171 méi ewéi am November. D'Aarbechtslosequot läit bei 5,3 Prozent.

20/01 *.
Haut virun 80 Joer ass an enger Villa beim Berliner Wannsee vu héije Vertrieder vun der NS-Politik d'Vernichtung vun den europäesche Judde geplangt ginn.

21/01 Klengbetten. Haut um internationalen Dag vun der Joggings-Box sinn am Mueren d'Stengeforter Pompjeeën op ee Kabelbrand an de Kolerbierg geruff ginn. Do hunn d'Pompjeeën eng Temperatur vu 500 Grad an enger Mauer an engem Haus gemooss. E Gléck, datt d'Madamm vum Haus duerch Zoufall dat gemierkt hat. Laut dem ACL war et doropshin am Kolerbierg zu engem klenge Stau komm.

21/01 Hoen. Generalversammlung vum Carpe Diem ëm 18:00 Auer am Pompjeessall.

21/01 *. Statec: 2021 hunn 3,3 % méi Salariéë wéi 2020 hei zu Lëtzebuerg geschafft.

22/01 Stengefort. Generalversammlung ëm 10:30 Auer am "Chalet-Piste de pétanque" vum Club de pétanque A Rifat.

22/01 Stengefort. D'Fëscherfrënn Stengefort 2010 bake Fësch um Parking bei der "Lounge-Brasserie Sandkëscht" vun 11:00 bis 13:30 Auer a vu 17:00 bis 19:30 Auer. An der "Lounge-Brasserie Sandkëscht" an am "Café Roudemer" zu Stengefort an am "Café Hoener Stuff" zu Hoen kënnen se och direkt giess ginn.

23/01 Stengefort. Am Kulturzenter Al Schmelz organiséiert de "Cercle d'Échecs Steinfort" een Tournoi.

23/01 Klengbetten. Generalversammlung vum Gaart an Heem Hoen am Hisbék.

23/01 Stengefort.
Gestuerwen ass haut Beby BERNARDY-WEICHERDING (gebuer: 01.03.1929).
D'Begriefnis ass am enkste Familljekrees.

24/01 Stengefort.
Haut fänkt den 58. Autosfestival un, dee bis de 05. Februar 2022 dauert. Wéi d'Fedamo (Fédération des distributeurs automobiles et de la mobilité) matgedeelt hat, sinn d'Verkafsbedingunge schonn den 10. Januar 2022 ugelaf. Bei de Banke kritt een och spezial Kreditter bewëllecht wann een d'Suen net flësseg huet.
D'Primm "Clever fueren" gëtt vun der Regierung bis den 31. Mäerz 2022 verlängert.

AUTO FESTIVAL 2022
24 JAN - 5 FEV

24/01 Klengbetten. Et ass erëm souwäit: d'Barrière ass gestéiert, d.h. si ass zou. Waarden ass Tromp oder een Ëmwee muss gefuer ginn, wat déi meescht Chaufferen och gemaach hunn.

25/01 *. An der Chamber gëtt dat zweet Kapitel vun der Verfassungsreform mat enger Zweedrëttelmajoritéit ugeholl. Dergéint stëmmen den ADR an déi Lénk.

26/01 Hoen. Wéinst Alkohol um Steier huet d'Police ee Permis provisoresch agezunn.

26/01 Stengefort / Klengbetten. De Bicherbus kënnt haut vu 14:20 bis 15:00 Auer op Stengefort a vu 15:10 bis 15:45 Auer op Klengbetten.

26/01 *. Vertrieder vun den EU-Länner hu sech op een eenheetleche Luedapparat fir d'Handyen an aner Elektroapparaten verstännegt. Bis dat antrëtt leeft awer nach vill Waasser d'Eisch erof.

26/01 *. Well d'Präisser vum Äerdgas an engem Joer ëm 61,33 Prozent an déi vun de Flëssegbrennstoffer ëm 64,27 Prozent geklomme sinn, duerfir fuerdert d'"Union Luxembourgeoise des Consommateurs" eng Deckelung vum Bensinn/Diesel a vu den Heizkäschten. Op een hinnen dës Kéier nolauschtert?

26/01 *. Fir beim Klima-Biergerrot matzemaachen hunn sech 1.126 Leit ageschriwwen. Doraus ginn der elo 100 zréckbehalen, 60 effektiv Memberen a 40 Ersatzmemberen.

27/01 Stengefort. Ëm 19:00 Auer ass d'Generalversammlung vum "Master Computer Club Luxembourg" am Kulturzenter Al Schmelz.

28/01 *. Vun haut un a bis e Sonndeg soll ee bei der alljäreger Wantervullenzielung vun der natur&ëmwelt matmaachen. Wärend enger Stonn sollen déi verschidde Vullenaarte am Gaart oder op dem Balcon gezielt ginn. D'Resultat soll hinnen dann iwwert hir Websäit matgedeelt ginn.

28/01 *. Statec: D'Zuel vun de Faillitten a Liquidatioune bleift am Joer 2021 stabil.

28/01 Hoen.
Am Alter vun 88 Joer ass d'Madamm Marie FRANTZ-WAGENER am "Les Parcs du Troisième Age" zu Bartreng gestuerwen.
De 04. Februar 2022 ass ëm 15:30 Auer eng Mass an der Stengeforter Kierch.

29/01 Stengefort. Wéinst deene ville Corona-Infektioune gëtt d'Familljemass, déi ëm 18:00 Auer sollt sinn, duerch een digitale Gottesdéngscht ersat.

29/01 Stengefort. Am Kulturzenter "An de Keeseminnen" servéiert d'Amicale vum CISST (Centre d'incendie et de secours Steinfort) vun 19:00 Auer un den Aperitif a vun 20:00 Auer d'Kniddelen (à volonté). Vun 18:00 bis 20:00 Auer fonctionéiert och een Take-away.

29/01 Stengefort. Den "Hôpital Intercommunal de Steinfort" sicht fir direkt oder no Ofsprooch:
- "Médecin spécialiste en médecine physique et de réadaption assurant la fonction de directeur médical (m/f) à temps plein et sous contrat à durée indéterminée (CDI)".
- Konschttherapeut (m/w) fir Deelzäitaarbecht (50%) op onbestëmmten Zäit (CDI)

- Infirmièren (m/w) fir Vollzäit- oder Deelzäitaarbecht op onbestëmmten Zäit (CDI) oder bestëmmten Zäit (CDD) fir den "Service Rééducation fonctionnelle gériatrique" a fir an d'"Maison de soins"
- "Aide-Soignanten" (m/w) fir Vollzäit- oder Deelzäitaarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI)
- "Aide socio familial" (m/w) fir Deelzäitaarbecht op bestëmmten Zäit (CDD)
- "Administrateur systèmes & réseau" (m/w) fir Vollzäitaarbecht an op onbestëmmten Zäit (CDI)
- "Responsable Ressources Humaines" (m/w) fir Vollzäitaarbecht an op onbestëmmten Zäit (CDI)
- "Chargé de recrutement" (m/w) fir Vollzäitaarbecht an op onbestëmmten Zäit (CDI)
- Responsabel Hotellerie (m/w) fir Vollzäit- oder Deelzäitaarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI)
- Mechatroniker (m/w) fir Deelzäitaarbecht (75%) op onbestëmmten Zäit (CDI) mat der Méiglechkeet fir Vollzäitaarbecht fir 18 Méint.

D'Kandidature sinn un de President vum "Hôpital Intercommunal de Steinfort" ze riichten.

29/01 Klengbetten. Am Musekssall fënnt d'Generalversammlung vun der Harmonie Klengbetten statt.

Au « Reider-online » :

Au mois de janvier 2022, le bourgmestre a donné les autorisations suivantes :

Grass :
- Installation d'un abri de jardin, 14, rue des Champs (Réf : 273/2021, 07.01)
- Installation d'un abri de jardin, 16, rue des Champs (Réf : 274/2021, 07.01)
- Installation d'un abri de jardin, 18, rue des Champs (Réf : 275/2021, 07.01)

Kleinbettingen :
- Installation d'une pergola sur la terrasse, 36, rue de Steinfort (Réf : 277/2021, 07.01)

Steinfort :
- Echafaudage sur le domaine public et remise en état et peinture façade, 14, rue de Koerich (Réf : 278/2021, 28.01)

Spruch des Monats von Rosamunde Bushart:

Nicht jeder hat ein Heim zu Eigen,
wer kann, soll hilfsbereit sich zeigen,
zu lindern manche schlimme Lage,
und dankbar sein für eig'ne gute Tage.

De Coronavirus – Covid-19 am Laf vum Mount:

03.01: - Lëtzebuerg séchert sech eng 20.000 Dose vum Medikament Paxlovid, e Medikament wat eng schwéier Form vu Covid 19 bei verschiddene Leit soll verhënneren. D'Medikament ass nach net vun der EMA zougelooss.
- Die Booster-Impfungen sind ab sofort nach vier und nicht mehr erst nach sechs Monaten möglich.

06.01: D'AMMD (Association des médecins et médecins-dentistes) schwätzt sech fir eng Impfflicht aus.

07.01: Journaliste gi bedrot a kréie souguer Morddrounge well se iwwert d'Covid-Géigner informéieren, wat verschiddenen Herrschafte guer net an de Krom passt.

10.01: - Däitschland stuuft Lëtzebuerg als Héichrisikogebitt an a vergiessen dobäi wéi et bei hinnen ass.
- Vun haut u kënnen déi Jugendlech vun 12 Joer un eng Booster-Impfung kréien.
12.01: D'WHO ass der Meenung, datt eng Impfflicht kloer, eendäiteg an zäitlech begrenzt muss sinn.
13.01: An der éischter Schoulwoch no der Chrëschtvakanz sinn d'Infektiounszuelen an de Schoule reegelrecht explodéiert an dat bei de Kanner a beim Léierpersonal.
14.01: - D'Arméi bedreift vun haut un a bis den 28. Februar 2022 fënnef Testzentere fir éischtgeimpfte Salariéen. Hei kënne si sech gratis teste loosse bis hiren Impfschutz komplett ass.
- D'Lëtzebuerger Gesondheetsexperte schwätzen sech fir eng Impfflicht fir Mënschen iwwer 50 Joer aus.
- An der Kalennerwoch 52 (27.12-02.01) war bei 74,9 % vun den Infizéierten d'Omikron-Variant entdeckt ginn.
15.01: Vun haut u gëllt den obligatoreschen 3G-Covid-Check op der Aarbecht.
17.01: An de Grondschoulen hunn haut 555 Schoulmeeschteren/Léierinne gefeelt an an de Sekundärschoulen eng 472 Léierpersounen. Vum Schoulminister gëtt dozou gesot, datt am Wanter nach ëmmer vill Léierpersonal krankheitshalwer gefeelt huet. Punkt, fäerdeg.
18.01: De WHO-Chef warnt virun enger Verharmlosung vun der Omikron-Variant.
20.01: D'Gewerkschaft SNE schwätzt mat de weideren Oplockerungen am Zyklus 1 vun enger "Durchseuchung" vun der Grondschoul a mengt wann d'Regierung dat well, da soll se de Leit dat soen.
21.01: Johnson-Geimpfte kréien d'Méiglechkeet fir een alternativ Impfschema, d.h. Johnson Impfung + Optimierungsimpfung mat engem nRNA-Impfstoff no mindestens engem Mount + engem zousätzlechem Booster mat engem nRNA-Impfstoff etlech Méint méi spéit.
23.01: D'WHO huet an d'Glaskugel gekuckt an huet gesinn, datt d'Corona-Enn an Europa plausibel ass, well bis Mäerz jidder Europäer de Virus opgeraf huet. Dann hoffe mer, datt dat esou ass an datt bis dohi keng aner Variant opgetrueden ass.
26.01: - Den LCGB schléisst sech der Meenung vun der Expertegrupp hunn, datt d'Mënsche vu 50 Joer u geimpft musse ginn.
- D'pandemiebedengte Kuerzaarbecht gëtt bis den 01. Juli 2022 verlängert. Vum Mäerz un allerdéngs nëmme méi fir déi aus dem Horeca Beräich.
- Een Omikron-Subtyp BA.2 breet sech nach méi séier aus.
27.01: - 14,25% vun de fënnef bis 11järegen sinn eng éischte Kéier geimpft.
- D'EMA huet gréng Luucht gi fir d'Medikament Paxlovid vum US-Hiersteller Pfizer.

Coronavirus – Covid-19: Erkrankungen hei am Land.

Datum	Zuel vun den Tester	Infizéier-ter	Am Spidol	Dovun op der Intensiv-statioun	Doude-ger	Total Doude-ger	Gëllen als Aktiver
31.12 – 03.01	11.586	1.592	68	21	02	917	8.447
04.01	3.553	877	69	20	01	918	-
05.01	7.146	2.131	69	19	02	920	11.114
06.01	6.113	1.932	67	20	01	921	12.444
07.01	6.112	1.905	72	22	01	922	13.766
08. – 10.01	13.263	3.835	68	20	08	930	16.343
11.01	3.850	961	65	18	00	930	-
12.01	6.609	1.924	65	19	00	930	-
13.01	7.408	2.312	69	20	01	931	19.973
14.01	6.370	2.103	63	18	03	934	-
15. – 17.01	13.546	4.425	72	20	04	938	22.426

18.01	3.704	1.324	76	19	02	940	-
19.01	6.941	2.551	72	15	01	941	23.375
20.01	9.373	3.064	74	15	00	941	26.318
21.01	7.728	2.838	70	14	02	943	27.246
22. – 24.01	14.338	5.497	71	12	02	945	27.367
25.01	4.789	1.714	70	11	00	945	28.718
26.01	7.894	3.073	70	12	01	946	30.823
27.01	7.698	3.029	70	13	01	947	-
28.01	6.880	2.552	71	10	01	948	32.196
29. – 31.01	11.875	4.550	71	08	04	952	-

Komplett geimpft si 458.824 Persounen an 120.291 Persoune gëllen als geheelt.

D’Energiepräisschwankungen am Mount Januar (01-31):

Datum	Super 95	Super 98	Diesel	Masutt 10 ppm	Masutt 50 ppm	Erdgas	LPG	Mélange 2-T
08.01	1,442	1,520	**1,409**	**0,816**	**0,818**	**0,986**	0,754	2,043
13.01	1,442	1,520	1,409	0,816	0,818	0,986	**0,787**	2,043
15.01	1,442	**1,576**	1,409	0,816	**0,839**	0,986	0,787	**2,099**
19.01	**1,497**	1,576	1,409	0,816	0,839	0,986	0,787	2,099
20.01	1,497	1,576	**1,440**	**0,866**	0,839	**1,008**	0,787	2,099
21.01	1,497	**1,594**	1,440	0,866	**0,869**	1,008	0,787	**2,117**
25.01	1,497	1,594	1,440	0,866	0,869	1,008	**0,792**	2,117
29.01	**1,527**	1,594	1,440	0,866	0,869	1,008	0,792	2,117

Datum	Propan vrac mén.	Propan bout. mén.	Butane bout. mén.
13.01	**0,813**	**2,542**	**2,450**
25.01	**0,802**	**2,520**	**2,504**